LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 1159 vum 9. September 2024 vum Här Deputéierten Fred Keup.**

De Certificat de résidence ass en offiziellt Dokument, dat de legale Wunnsëtz vun enger Persoun attestéiert, d.h. d'Adress op där d'Persoun am nationale Regëster vun de physesche Persounen (RNPP) ageschriwwen ass. De Certificat de résidence kann op der Gemeng, an där d'Persoun wunnt, oder online op MyGuichet.lu ugefrot ginn.

D'Certificaten déi vun der Gemeng respektiv vum CTIE op Basis vun den Donnéeë vum RNPP ausgestallt ginn, si konform mam *Règlement grand-ducal du 29 mars 2016 concernant certains certificats délivrés sur base des données figurant au registre national des personnes physiques et modifiant le règlement grand-ducal modifié du 18 juin 2014 relatif à la carte d'identité*. Dëst Reglement leet d'Form an de Contenu vun de Certificate fest. Méi genau sinn et d'Annexen I an III vum Reglement déi den exakte Layout vum Certificat de résidence a vum Erweiderte Certificat de résidence fixéieren, deemno och d'Gréisst an d'Faarf vun den dräisproochege Libelléen um Dokument.

Weiderhin, sief op den Art. 3. vun der *Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues* higewisen : « ***- Langues administratives et judiciaires***

*En matiére administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.* »

Wann am uewegenannte Formulaire, grad ewéi bei ettlechen aneren Dokumenter, d'Franséisch an d'Lëtzebuergesch zugläich stinn, entsprécht déi jeeweileg Verwaltung de legale Bestëmmungen, ganz onofhängeg vun der Reiefolleg vun de Sproochen an och onofhängeg vun iergendwellechen typografeschen Ënnerscheeder: D'Lëtzebuerger Sprooch ass visibel, an de Bierger kann och op d'Lëtzebuergescht zréck gräifen.

Lëtzebuerg, den 09/10/2024.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin